



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 8. Juni 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no gouf en Deel vun de schrëftlechen Epreuvë vum „Examen de fin d'études secondaires“ op déi Woch no der Péngschtvakanz verréckelt. Den Delai fir d'Verbesserung gouf awer net adaptéiert, sou dass déi original Koptië vun de Schüler hu misse fotokopéiert ginn, fir dass d'Enseignanten deen Delai iwverhaapt konnten anhalen.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister d'Verréckele vun engem Deel vun de schrëftlechen Epreuven op déi Woch no der Péngschtvakanz confirméieren?
 - Wa jo, wéini gouf déi Decisioun geholl a wat sinn d'Grënn dofir?
- Kann den Här Minister eis doriwwer informéieren, wéi vill Fotokopien opgrond dovun hu misse gemaach ginn, am Total an opgeschlësselt no Fach a Lycée?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz
Deputéierten

Paul Galles
Deputéierten



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8083 vun den honorabelen Deputéierten Marc Spautz a Paul Galles

De schrëftlechen Deel vum Première-Examen leeft iwver 7 Deeg, déi op 2 Woche verdeelt sinn. Wärend dëser Zäit schreift all Schüler Examen an 6 Fächer. Well dëst Joer Päischten, an domat och d'Päischtvakanz, relativ spët louch, war den Ecrit ursprénglech integral virun dëser Vakanz geplangt. Den Oral sollt no der Vakanz stattfannen.

Am Virfeld vun den Examen huet d'CNEL Bedenke geäussert, well déi 7 Examensdeeg vum schrëftlechen Examen op zwou Wochen hannerenee louchen. Si hunn dorop higewisen, dass d'Schüler wéinst der Pandemie méi eng schwierig Troisième an Deuxième hannert sech hätten an hunn duerfir gefrot, datt eng Preparatiounszäit tëschent déi 2 Ecrits-Examenswochen géif placéiert ginn. Fir deem Wunsch kënnen nozkommen an trotzdeem de Schüler den Diplom spëtstens den 1. Juli zur Verfügung ze stellen, gouf eng Woch Oral mat enger Woch Ecrit ausgetosch.

Dës eemoleg Measure huet awer mat sech bruecht, dass manner Zäit bliwwen ass, fir den zweeten Deel vum Ecrit ze verbessern. Fir dass d'Membere vun den Examenskommissionen nawell mat der néideger Rou hir Kopien verbessere konnten, hunn ech d'Direktiounen vun de Lycées ugewisen, gläich no de jeeweiligen Epreuven vun der 2. Ecrit-Woch Kopien vun de Schüler hiren Äntwerten un den zweeten an drëtten Correcteur ze schécken.

An där zweeter Partie vum Première-Examen goufen 8.286 individuell Epreuvë geschriwwen. D'Kopien, déi gemaach goufen, verdeele sech folgendermoossen op d'Sectiounen a Varianten vum ESC an op d'Sectiounen vum ESG:

Ordre d'enseignement	Sectioun	Individuell Epreuven	Unzuel Sälten
ESC	CA / CA_MATA	168	2 688
ESC	CA_MATA	30	480
ESC	CA_LLCO	63	1 008
ESC	CA_MALF	12	192
ESC	CA_PSYA	14	224
ESC	CA_PSYF	4	64
ESC	CB / CB_4LANG	337	5 392
ESC	CC / CC-4LANG	1223	19 568
ESC	CD / CD-4LANG	860	13 760
ESC	CE	129	2 064
ESC	CF	69	1 104
ESC	CG / CG_4LANG	1098	17 568
ESC	CG_URBS	19	304

Ordre d'enseignement	Section	Individuell Epreuven	Unzuel Sälten
ESC	CG_COMED	13	208
ESC	CI	29	464
ESG	GA3D	22	176
ESG	GACV	78	624
ESG	GCC	12	96
ESG	GCF	45	360
ESG	GCG	581	9 296
ESG	GED	1002	8 016
ESG	GGH	42	336
ESG	GIG	453	7 248
ESG	GIN	68	1 088
ESG	GMM	54	432
ESG	GSE	20	160
ESG	GSH	87	696
ESG	GSI	359	2 872
ESG	GSN	348	5 568
ESG	GSO	1047	16 752
ESG + ESC	Total	8286	118808

Et ass allerdéngs kaum méiglech, dës Zuele pro Lycée ze ventiléieren.

Lëtzebuerg, den 11.Juli 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH